N°4084
Entrée le 11.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„Dës Regierung huet sech engagéiert fir op d'Preventioun ze setzen. Dat ass duerchaus ze begréissen, well duerch d'Preventioun beschtefalls ka verhënnert ginn, datt et iwwerhaapt zu schwéiere Krankheete kënnt. Och mat vill Preventiounsaarbecht kann et leider awer dozou kommen, datt Persounen eng Diagnos vu méi schwéiere Krankheete kréien. Hei kënnt de Volet vum Depistage an d'Spill, dee bei Persounen déi besonnesch à risque si reegelméisseg kuckt ob eng spezifesch Krankheet detektéiert gëtt, och wann de Patient nach keng Symptomer weist. Dat ka virun allem bei méi schwéiere Pathologië wéi dem Kriibs vu groussem Virdeel sinn, well eng fréizäiteg Erkennung a Behandlung déi beschten Iwwerliewenschancen erméiglecht. An deem Sënn goufen an deene leschte Joren eng Rei Depistageprogrammer agefouert wéi beispillsweis den Depistage vu Broschtkriibs fir Fraen am Alter tëscht 45 a 74 Joer, deen all zwee Joer gratis zur Verfügung gestallt gëtt. De Plan National Cancer 2024 – dee bis 2026 verlängert gouf – gesäit ënner Anerem vir och genetesch Veranlagunge besser an den Depistage z'integréieren.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Wéi eng Depistageprogrammer si schonn en Place?
- Wou sinn d'Evaluatiounsaarbechte vun dëse Programmer drun?

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

– Si schonn éischt Pisten opgestallt fir d'Participatioun un dëse Programmer ze verbesseren?

– Gedenkt d'Madamm Ministesch nach weider Programmer en Place ze setze wéi zum Beispill an Däitschland den Depistage fir Longekriibs ze detektéieren?"

Mat déiwem Respekt,

Guy ARENDT
Deputéierten

Gérard SCHOCKMEL
Deputéierten